ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. November 2021

Här President,
esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Kommunikatiouns- a Medieminister weiderzeleeden.

D'Regierung gëtt ëmmer nees Pressekommunikeeën eraus, fir den Awunner vu Lëtzebuerg Neierungen, Ännerungen oder aner Verkënnegungen oder Informatioune matzedeelen. Dës schréftlech Kommunikatioun mat der Ëffentlechkeet gëtt bal ëmmer nëmmen op Franséisch gemaach.

An deem Kontext wéilt ech den Här Kommunikatiouns- a Medieminister gär froen:

1. Firwat gëtt dës schréftlech Kommunikatioun, déi sech un all d'Awunner vu Lëtzebuerg riicht, net vu vireran och op Lëtzebuergesch veréffentlecht, oder esouguer an deenen dräi administrative Sproochen? Wat schwätzt dogéint?
2. Gesäit d'Regierung, déi schliisslech eng Strategie fir d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch formuléiert hat, hiren Ëmgang mat der Landessprooch an dësem Kontext am Aklang mat der Iddi, d'Lëtzebuerger Sprooch ze förderen? Wa jo, wéi erkläert d'Regierung dat?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten